# Maacht de FIT-Test,
# fir fit ze bleiwen.




**Frot**
**Äre FIT-Test un**
an der Apdikt, bei BIONEXT
oder op guichet.lu

**Den Daarmkriibs Screening ass**
**vu 45 bis 74 Joer disponibel.**

***Wann Dir Froen hutt,***
***consultéiert wgl. Ären Hausdokter.***

Wéi geet dat?
sante.lu/colorectal

Programme
Dépistage
Cancer colorectal

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

# Daarmkriibs-fréier-kennungs-programm

**INVITATIOUN**
**VU 45 BIS 74 JOER**




Dësen Test, **deen dir Doheem maache kennt, dauert 5 Minutten**, a kann lech d'Liewe retten.

## *Firwat?*

Daarmkriibs ass eng heefeg Kriibserkrankung, déi sech méi einfach behandele léisst, wa se e fréizäiteg entdeckt gëtt. En entwéckelt sech lues, meeschtens ouni Péng oder Verdauungsproblemer ze verursaachen, aus klenge Verletzungen, sougenannte Polyppen, déi am Daarm bludde kënnen. Bluddungen am Zesummenhang mat engem Polyp oder Kriibs kann ee net mat bloussem A gesinn. Dofir ass et wichteg e Screeningtest ze maachen, wou no Bluttréckstänn am Stull (och nach FIT-Test genannt) gesicht gëtt. Déi sou festgestallt Verletzunge kënnen da behandelt ginn.

## *Wéi kann ech getest ginn?*

- Ech bestelle mäin Test esoubal ech meng Invitatioun kritt hunn.
- Ech huelen d'Stullprouf doheem.
- Ech schécken den Test an der virfrankéierter Enveloppe zeréck un de Laboratoire.

## *An nom Test?*

- E puer Deeg drop, kréie mäin Dokter an ech d'Resultat matgedeelt.

## An 94% vun de Fäll ass d'Resultat vum FIT-Test negativ.

Dat bedeit, datt beim Test kee Blutt an Ärem Stull fonnt gouf. **All 2 Joer kritt Dir eng Invitatioun fir en neien Test ze maachen.**

## An 6% vun de Fäll ass d'Resultat vum FIT-Test positiv.

**Dat bedeit awer net onbedéngt, datt Dir u Kriibs erkrankt sidd,** mä datt Blutt an Ärem Stull fonnt gouf.

Fir d'Originn ze identifizéieren, ass allgemeng eng Daarmspigelung zur Opklärung néideg.

**Riicht lech an dësem Fall un Ären Dokter.**

Verschidde Kriibsaarte kënne sech schnell weiderentwéckelen. Et ass also wichteg, dass Dir op d'Optriede vun anormale Verdauungssymptomer oppasst an Dir direkt bei en Dokter gitt, wann Dir eppes Ongewéinleches bemierkt.

***Sech teste loossen heescht, all d'Chancen op senger Säit ze hunn.***

**Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers**
20, Rue de Bitbourg - L-1273 Luxembourg - colorectal@ms.etat.lu - Tel. : (+352) 247 75550